N°2526
Entrée le 24.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2526 vum 26. Juni 2025 vum éierewäerten Députéierten Marc Georgen**

1. **Wat ënnerhëlt d'Ministesch, fir d'Leit op d'Geforen vun der Hëtzt op d'Déieren opmierksam ze maachen?**

All Joer gëtt ee Communiqué gemaach fir op d'Geforen an déi richteg Mesuren bei Hëtzt hinzeweisen. Dee leschten Communiqué ass Enn Juni 2025 publizéiert ginn: https://ma.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement2024+fr+actualites+toutes_actualites+communiques+2025+06-juin+27-alva-chaleur.html

2. **Wat ass d'Strof fir eng Persoun, déi hiert Hausdéier bei gliddegen Temperaturen am Auto léisst?**

D'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 verpflicht allgemeng d'Persounen di Déieren ënnert der Opsiicht hunn, dofir ze suergen dass déi sou gehale ginn, dass Temperatur, Loftzirkulatioun an all di aner Bedéngungen den Besoinen vum Déier entspriechen (Art 4§1 Punkt 3).

Am Fall wou Déiere mësshandelt ginn oder op grausamer Aart a Wéis dout gemaach ginn, gesäit d'Gesetz eng Fräiheetsstrof vun 8 Deeg bis 3 Joer vir an/oder eng Geldstrof vun 251 bis 200.000€ (Art 4(1) Punkt 5&6 + Art.12 Punkt 16&17).

3. **Wat solle Leit ënnerhuelen, déi een Déier bei héijem Temperaturen an engem Auto fannen?**

Wann et kloer ass, dass d'Déier schonn iwwer eng länger Zeit am Auto setzt an och, dass de Besëtzer néirens ze fannen ass, soll den Zoustand vum Déier iwwerpréift ginn. Hechelen, leien an d'Ausbleiwe vun Reaktiounen kënnen Unzeechen fir ee schlechten Zoustand sinn. Wann d'Déier nach reaktiv ass, awer a Gefor ze sinn schéngt, sollt d'Police verstännegt gi wann den Autosbesëtzer net ze fannen ass. D'Déiereschutzgesetz verpflicht, sou gutt wéi et geet, engem Déier dat leit oder a Gefor ass ze hëllefen. Wien dat net mécht, kann sech strofbar maachen (Art 12, Punkt 15 ivm Art 17(2)8). Hei gëllen och héich Sanktioune wéi virdrun opgezielt.
An Noutfäll an fir de Fall datt den Autos/Hondsbesëtzer an d'Police net erreechbar sinn, bleift engem soss näischt iwwereg wéi d'Fenster vum Auto anzeschloen fir d'Déier aus sengem Leed ze befreien. D'Alarméieren vun Zeien an filmen als Beweismëttel ginn a sou engem Fall recommandéiert.

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau